# LSW STUDIEN INFO BROSCHÜR 2023











# Virwuert vun der Presidentin



Lynn Schintgen
Presidentin vum LSW

## Servus!

### zukünfteg Wiener:innen

Studéieren ass no dengem Lyceesofschloss ee grousse Schratt an dengem Liewen. Wat well ech studéieren? Wou well ech studéieren? Dat si sécherlech Froen déi du dir grad stells an net einfach ze beäntwere sinn. Och aner Leit kennen der do net weider hëllefen, well dat ass eng Saach déi du selwer rausfanne muss. Ech kann dir awer no 6 Joer Wien soen, dass de mat Wien sécher näischt falsch mëss.

Op bal 25 ëffentlechen a privaten Unien, souwéi divers Fachhéichschoulen, kanns du vun Ekonomie, bis Bauingenieur, Architektur, Politikwëssenschaften, Kommunikatioun oder och Bildungswëssenschaften a Medezin bal alles studéieren. Mat bal 200.000 Studenten zu Wien ass Studenteliewen net langweileg. Nieft de sëllege kulturellen Aktivitéiten, wei d'Oper oder Museen, ginn et och vill Erhuelungsméiglechkeeten op der Donau oder um Prater.

Wann s du awer eng Kéier bëssen Heemwee hues oder ganz einfach nei Lëtzebuerger kenne leiere wëlls, da kanns de gären op Eventer vum LSW, dem Studentenverein vun den Lëtzebuerger Studenten zu Wien, kommen. Mir organiséieren all Semester zu Wien eng rëtsch Eventer, wei Freibeier, Beerpongtournoi, Pubquiz oder eise Beachvolleyballtournoi. Mir bréngen Studenten awer net nëmmen zesumme mee mir beroden an informéieren och, wann s du zum Beispill Froen iwwert Uni, däin Studium oder och administrativ Saachen hues.

Déi gréisst Froe kenne mir dir awer schonn hoffentlech an dëser Broschür beäntweren an dir och Wien als Stad e bësse méi no bréngen, soudass dir d'Entscheedung fir dat nächst Joer mei einfach fällt. Wann s du awer nach Froe solls hunn, kanns du eis gären op Facebook, Instagram oder per Mail schreiwen.

Villäicht gesi mir eis jo dann nächst Joer zu Wien!


www.lsw.lu
lsw@lsw.lu
lsw_1975
K·K·HOFBURGTHEATER
BUR
GTHE
ATER
4086
71

# Index





6 **Wien**
Allgemeng Informatiounen iwwert d'Haaptstad vun Éisträich

7 **Praktesch Informatiounen**
Transportméiglechkeeten bis op Wien, Logement, ëffentlechen Transport

11 **Unien zu Wien**
Wat an wou kann ech zu Wien studéieren?


19 **Lëtzebuerger Studenten Wien**
Virstellung vum LSW, sengen Aktivitéiten an dem Comité

25 **Student:innen am Interview**
Wat dierf een zu Wien net verpassen?

27 **Rezept: Wiener Schnitzel**

28 **Wieneresch - Lëtzebuergesch**

29 **Impressum**











# Wien







## D'Haaptstad an Zuelen

| | |
|---|---|
| 1.982.097 | Awunner:innen (1. Januar 2023) |
| 194.000 | Student:innen (2021/2022) |
| 23 | Bezierker |
| 414,87 | km² |
| 4778,8 | Awunner:innen pro km² |
| 1. Plaz | The Economist 2023 vun der Liewensqualitéit |

Wien ass mat bal 2 Milliounen Awunner:innen déi zweetgréisste Stad am däitschsproochege Raum no Berlin. Déi éisträichesch Haaptstad ass virun allem bekannt, wéinst hirer impressionnanter Architektur, dofir gehéieren den historeschen Zentrum an d'Schlass Schönbrunn zum UNESCO-Weltkulturierwen.

Och wann ee bei Wien direkt un de Keeser Franz an d'Keeserin Sissi oder un de Mozart denke muss, huet Wien souwuel historesch wéi och kulturell däitlech méi ze bidden. Nieft der weltbekannter Architektur an der Geschicht vu Wien, kann ee vun de villen grénge Platze profitéieren, wei dem Wiener Prater, den nieft der grousser "Schueberfouer", déi dat ganzt Joer iwwer ass, och ee grousse Park huet. Am Summer kann ee gemittlech op enge vun de villen Strandbaren den Dag ausklénge loossen oder et kann een den Dag op der Donauinsel verbréngen, wou ee schwamme goen oder Beachvolleyball spille kann. Fir dem Groussstadtrubel ze entkommen, kann een och op de Kahlenbierg wandere goen oder och bei déi sougenannten Heurigen ee Pätsche Wäin drénke goen.

Am Wanter huet een d'Méiglechkeet sech op engem vun deenen iwwert 20 Cheschtmärt mat engem Glühwäin opzewiermen. Bierger sinn awer och a manner wéi enger Stonn vu Wien ze erreege fir kenne Schi oder Snowboard fueren ze goen.

Wien gëllt weltwäit als déi Stad mat der héchster Liewensqualitéit, dat huet a 5 Joer eng international Grupp "The Economist" fir déi 4. Kéier gewielt. Hei goufen 173 Stied unhand vun 30 Krittäre verglach.

Wat Bildung betrëfft, bitt Wien senge bal 200.000 Student:innen all méiglech Studierichtungen op iwwert 25 ëffentlechen Universitéiten, Fachhéichschoulen a privaten Universitéiten

# Praktesch Informationationen





## Lëtzebuerg - Wien

Eng Méiglechkeet ass de Fliger. Soulaang een ënner 24 Joer ass, kritt ee bei der Luxair nach de Jugendpräis, dee bei engem Alle-Retour vu Smart a Flex Tariffer 20 € méi bëlleg ass. Puermol am Joer kommen da verschidden Offeren, wou een och mol e Vol fir 99 € oder 129 € Aller-Retour kritt. Dës Offer ass och net op en Alter begrenzt. De Vol dauert ongeféier 1.45 Stonnen.

Méi ëmweltfréndlech Methoden sinn den Zuch an de Bus. Den Zuchticketpräis ass bei 38 € One-Way, wann ee fréi genuch bucht, soss kann den awer och mol bei bal 100 € leien. D'Zuchfaart dauert 11 Stonnen an et muss een op mannst ee Mol ëmklammen. Och de Flixbus ass eng Alternativ a bitt eng Direktverbindung Lëtzebuerg-Wien un. Dës Busfaart dauert knapp 15 Stonnen a kascht ëm déi 50€.

Eng lescht Méiglechkeet ass den Auto an dauert ongeféier 9 Stonnen. Wann's du eng Matfuergeleeënheet brauchs, da fënns de sécher an eiser Facebook Grupp "LSW Mitfahrzentrale" een/eng aner/e Student:in, deen/déi dech gäre mat op Lëtzebuerg respektiv Wien hëlt.

## Effentleschen Transport

Den ëffentlechen Transport zu Wien gëtt vun de Wiener Linien bedriwwen. Am Joer 2022 sinn insgesamt 1,17 Mio Joreskaarten, Semester-, TOP- a Jugendticketen oder Klimaticket verkaf ginn, wat een neie Rekord ass. Dëst ass duerch dat gutt ausgebauten Netz och net verwonnerlech.

Wann een d'Streckennetz vun Ubahnen, Bussen a Stroossenbunnen zesummenzielt, kënnt een op bal 1.150 Kilometer. Am Ganze ginn et 5 Ubahnen (U1, U2, U3, U4 an U6). Zousätzlech gëtt grad eng néi Ubahnlinn (U5) gebaut. Stroossebunne ginn et insgesamt 29 Stéck zu Wien an zousätzlech ginn et nach eng ronn 127 Buslinnen.

Wichteg Infoe fir dech als Student:in Weekends oder op Feierdeeg fueren d'Ubahnen déi ganz Nuecht duerch. Als Student:in kann ee fir 75€ bei de Wiener Linien am Guichet oder online ee Semesterticket kafen, dëst gëllt fir all Transportmëttel zu Wien. De Fluchhafe vu Wien läit zu Schwechat an ass domadder ausserhalb vu Wien. Dowéinst muss een sech en extra Ticket kafen, den awer nëmmen 2 Euro kascht.

# Vëlo

Wien ass eng vëlosfrëndlech Stad. Insgesamt ginn et 1.721km Vëlospisten, déi et engem erméigleche schnell an einfach vu A op B ze kommen. Deemno wou ee wunnt, ass ee méi séier mam Vëlo op der Uni wéi mat der Ubahn oder mat der Stroossebunn.

Falls ee keen eegene Vëlo huet, kann een sech gratis een Account bei enger vun den 185 City-Bike Statiounen oder um Internet maachen. Pro hallef Stonn bezilt een 0,60 Euro oder wann een e Semesterticket oder Joerabo bei de Wiener Linien huet, kascht et nëmmen 0,30 Euro pro 30 Min.

# Logement

Bei der Wunnengssich zu Wien ginn et lauter Méiglechkeeten seng perfekt Studentewunneng ze fannen. Wien ass eng grouss Stad, do soll also fir jiddwereen eng Wunneng ze fanne sinn.

Falls de léiwer an eng scho bestoend WG zitts, da recommandéiere mer der d'Internetsäit "wg-gesucht", hei fënns de souwuel Lëtzebuerger:innen wéi och Éisträicher:innen, déi eng Platz an enger WG ze verginn hunn. Wann's du awer eng eege WG grënnen oder eleng wunne wëlls, recommandéiere mer der Internetsäite wéi "immobilien.net" oder "immobilienscout24.at".

Eng weider Méiglechkeet bitt eis Facebook Grupp "LSW Willhaben", hei ginn dat ganzt Joer iwwer Annonce gepost, wou een e Matbewunner sicht oder engem seng Wunneng fräi gëtt.

Et ginn awer och vill Studentenheemer zu Wien. An verschiddener hues de deng komplett eege Wunneng mat Kichen, Buedzëmmer, Schlofkummer, an aneren deels de der eng Kiche mat anere Studenten. Och Präisser a Gréisste variéiere vu Studentenheem zu Studentenheem. Hei e puer Studentenheemer: STUWO, Linked Living, The Fizz, Milestone, City Life Appartments

# Evenementer

Fir nëmmen e puer vun deene villen Eventer zu Wien ze nennen, well zu Wien gëtt et engem net sou séier langweileg:

**Donauinselfest:**
Mat 3 Millioune Visiteuren op dräi Deeg ass dësen Open-Air Museksfestival ee vun de gréisste weltwäit. D'Donauinselfest fënnt normalerweis, all Joer, Enn Juni statt an d'Entrée ass gratis.

**Sommernachtskonzert Schönbrunn:**
E gratis Concert vun de Wiener Philharmoniker, de Mëtt Mee am Schlassgaart Schönbrunn stattfënnt a gratis ass.

**Rathaus Filmfestival:**
Säit 30 Joer fënnt virum Rathaus de Filmfestival statt, wou een eng grouss Auswiel un Iessen am "Foodvillage" huet an dobäi gemittlech e Film oder Concert op enger grousser Leinwand ukucke kann. Dëst fënnt vu Juli bis September statt.

Zu Wien fannen ausserdeem oft Concerte vu bekannte Museksgruppen oder Museker:innen statt. Och ee Besuch vun der Staatsoper ass ee Muss. Fir U27 gi et souguer Ticketen ab 20 €.

# Sport

D'Universitätssportsinstitut (USI) Wien bitt eng grouss Unzuel u Sportaarten un, vu Fussball a Basket iwwert Pilates a Yoga bis zu verschidden Danzarten oder Schilaanglaf. Do ass also sécher eppes fir jiddwereen dobäi an dat ganzt och nach zu studentefrëndleche Präisser. Dowéinst rode mer dir un, dech schonn am Viraus gutt ze informéieren, fir bei der Umeldung nëmme keng Zäit ze verléieren.

Dat ganzt Kursangebot, Umeldungszäiten a weider Informatioune fenns du op hirer Internetsäit: www.usi.at

Umeldunge fir d'Wantersemester fänke Mëtt September un. Fréi u si lount sech, well verschidde Sportaarten ewéi Fussball sinn innerhalb vu wéinege Minutten ausgebucht.

# Nëtzlech Apps

**Wien Mobil:** Duerch d'Aginn vum Start- an Zielpunkt berechent dës App déi séierst Méiglechkeet fir mam ëffentlechen Transport un däin Zil ze kommen.

**Studo:** D'App fir däin Studium. Nom Alogge mat dengem Uni-Account hues du souwuel deng Coursen, deng Notten, wichteg Informatiounen etc. an enger App.

**Bike Citizens:** Lued der d'Kaart vu Wien erof an d'App seet der wéiste mam Vëlo un däin Ziel kënns.



INCA
INNOVATIVE ENGINEERING

**INCA Ingénieurs Conseils Associés** ist ein Ingenieurbüro, das erstklassige Beratungs- und Ingenieurdienstleistungen in verschiedenen Bereichen anbietet:


- Gebäude und Industriebau
- Ingenieurebauwerke und Eisenbahninfrastruktur
- Infrastrukturarbeiten
- Siedlungswasserwirtschaft und Wasserbau
- Bauleitung
- Bauherrenvertretung
- Quantity Surveying
- Sicherheits- und Gesundheitskoordination
- Projektmanagement
- Gebäudephysik
- Akustik
- Wärmeschutz
- Brandschutz
- Umweltstudien und Zertifizierungen

**WIR STELLEN EIN!**

Suchen Sie nach einem Praktikum oder sind Sie ein erfahrener Ingenieur auf der Suche nach einer neuen Herausforderung?

Schicken Sie Ihre Bewerbung an **jobs@inca.lu**

Finden Sie die vollständige Liste der offenen Stellen auf unserer Website: **www.inca.lu**



# Universität Wien

Universitätsring 1
1010 Wien, Österreich

D'Universität Wien ass déi gréisst Universitéit zu Wien mat bal 85.000 Student:innen.

Et ass déi eelsten Uni am däitschsproochege Raum. 2015 huet d'Universitéit hire 650. Gebuertsdag gefeiert.

D'Uni bitt de Student:innen ronn 190 ënnerschiddlech Bachelorstudiegäng, Diplomstudiegäng a Masterstudiegäng.
Zu den Haaptstudierichtungen zielen: Betriebswirtschaft, Publizistik- und Kommunikationswissenschaft, Politikwissenschaft, Psychologie, Pädagogik, Soziologie, Sportwissenschaft, Geschichte, Geographie, Biologie, Ernährungswissenschaften, avm.

Umelle kann ee sech, op dëser Universitéit, vu Juli bis Ufank September fir d'Wantersemester, an Januar bis Februar fir d'Summersemester. Wichteg heibäi ass, dass net all Studierichtung béid Semesteren ugefaange ka ginn.

Et ginn e puer Fächer fir déi een en Opnamexamen absolvéiere muss. Eng Lëscht mat de verschiddenen Studierichtungen kënnt der op der Internetsäit vun der Uni fannen.
Ënnert anerem gehéieren zu dëse Fächer: Betriebswirtschaft, Internationale Betriebswirtschaft, Volkswirtschaftslehre, Biologie, Pharmazie, Ernährungswissenschaft, Informatik, Wirtschaftsinformatik, Psychologie, Publizistik- und Kommunikatiounswissenschaft, Sportwissenschaft.

Telefonsnummer:
+43 1 42770

Internetsäit:
www.univie.ac.at





# Technische Universität Wien

TECHNISCHE UNIVERSITÄT WIEN

Karlsplatz 13
1040 Wien, Österreich

D'Technesch Universitéit Wien gouf 1815 vum Keeser Franz I. gegrënnt. Unhand vun dëser Institutioun wollt hien Ingenieure fir de Militär, de Biergbau an de Bau ausbilden.

TU Wien bitt iwwert 50 Studiegäng un. Dorënner falen ënnerschiddlech Bachelor- a Masterstudiegäng, wei Architektur, Raumplanung, Bauingenieurwesen, Elektrotechnik, Technische Mathematik, Technische Chemie, Technische Physik, Informations-technik a Maschinenbau.




D'TU Wien ass déi gréissten technesch Uni an Éisträich mat bal 26.000 Student:innen.

D'Umeldung op der TU Wien leeft fir d'Wantersemester vun Ufank Juli bis September a fir d'Summersemester vu Januar bis Februar.

Mëttlerweil ginn et awer och fir e puer Studiegäng een Opnahmverfahren, wei Informatik a Wirtschaftsinformatik, Architektur a Raumplanung. Bei dëse Studiegäng sinn Umeldungen dann och scho fir Wantersemester am Abräll. Meeschtens muss een hei e Motivationsschreiben aschécken a wann sech ze vill Leit ugemellt hunn, da gëtt ee Reihungstest gemaach, de Mëtt August ass.

Telefonsnummer:
+43 1 588010

Internetsäit:
www.tuwien.ac.at



# Wirtschaftsuniversität Wien

WIRTSCHAFTS UNIVERSITÄT WIEN VIENNA UNIVERSITY OF ECONOMICS AND BUSINESS

Welthandelsplatz 1
1020 Wien, Österreich

D'Wirtschaftsuniversitéit vu Wien ass 1898 gegrënnt ginn an ass eng staatlech Universitéit, mat bal 22.000 Student:innen.

> Zanter dem Joer 2014 studéieren dës op engem fonkelneien a moderne Campus um Prater.


D'WU ass als eng vun de beschte Business Schools an Europa klasséiert an déi gréissten Uni, déi sech op Business an Ökonomie fokusséiert.

Well d'Uni international sou gutt unerkannt ass, ass och bal halschend vun de Studiegäng op Englesch, virun allem am Master.

Säit 2013 gëtt e sougenannten Einstiegstest, fir de Student:innen en organiséiert Studium garantéieren ze kënnen.


Telefonsnummer:
+43 1 313360

Internetsäit:
www.wu.ac.at



D'Umeldung fir d'WU fänkt mat enger Online Registréierung un, déi ee vun Ufank Mäerz bis Mëtt Mee ka maachen. An weidere Schrëtt kann een sech dann definitiv fir d'WU umellen.

Insgesamt ginn et 3 Bachelorstudiëgäng: Wirtschafts- und Sozialwissenschaften, Business and Economics a Wirtschaftsrecht. D'WU bitt awer och ëm déi 15 verschidde Masterstudiegäng un.



# Medizinische Universität Wien

Spitalgasse 23
1090 Wien, Österreich

D'Medizinische Universität Wien ass déi gréisste Medezin-Uni an Éisträich an ass eng vun de wichtegste Fuerschungsinstitutiounen a ganz Europa. Op dëser Universitéit kann een Humanmedizin an Zahnmedizin studéieren.

D'Meduni Wien stellt ausserdeem immens vill Personal fir d'Wiener AKH (Allgemeines Krankenhaus), dat gréisste Spidol a ganz Europa.
D'Uni huet insgesamt 30 Universitéits klinicken, dräi klinesch Instituter, 12 medezinorientéiert Zentren an eng grouss Unzuel un héichspezialiséierte Laboen.




Mat ronn 8.000 Student:innen ass d'Meduni déi gréisste Medezin-Uni am däitschsproochege Raum.

Fir op der Meduni Wien Human- oder Zahmedizin studéieren ze kënnen, muss een den Opnahmetest MedAT schreiwen a bestoen, respektiv sech géint d'Konkurrenz duerchsetzen an e méiglechst héicht Resultat erzielen.

All d'Informatiounen zum MedAt Test an d'Fristen an Terminer ginn ab Enn Januar/ Ufank Februar op dëser Säit publizéiert: www.medizinstudieren.at

Op der nächster Säit fënns de nach weider Informatiounen a Fristen zum MedAT 2024 zesummegefaasst, soudass du der den Oflaf ongeféier virstelle kanns.

Telefonsnummer:
+43 1 401600

Internetsäit:
www.meduni.ac.at



# MedAT - Opnahmetest Meduni Wien

## Fristen

**Online-Umeldung:**
01.03. bis 31.03.2024 iwwert een Umeldungsformular op www.medizinstudieren.at

**Bezuele vun der Kostenbeteiligung:**
01.03.2024 bis 31.03.2024 (2024: 110€)

**Test:**
05.07.2024

**Resultater:**
ab der KW 32 (Ufank/Mëtt August)

## Virbereedung

D'Léiere fir den Test ass jiddwerengem selwer iwwerlooss. Mir roden der un de Biologie-, Chimie-, Physik- a Mathematikstoff vun der Première ze widderhuelen (virun allem och op Däitsch), sech awer och déi offiziell Ënnerlagen (Stichwortlisten, Online-Tests, etc.) ganz genau unzekucken an d'Matière ze léieren.
Den Opnahmetest entwéckelt sech vu Joer zu Joer weider, dowéinst kënnen nei Übungen dobäi kommen. D'Zäit vun den eenzelen Deeler oder d'Punkteverdeelung variéieren. Dowéinst schloe mer der fir dat virum Test nozesichen an dech gutt ze informéieren. Et gin ganz vill verschidden Übungsbicher, Intensivcoursen etc. Kuck der am beschten och Rezensiounen a Bewäertunge gutt un, fironnéideg Depensen ze vermeiden.

## Opbau MedAT-H (Humanmedizin) & MedAT-Z (Zahnmedizin)

40% BMS (Bio, Chemie, Physik,Mathematik)
- 40 Aufg.: Biologie
- 24 Aufg.: Chemie
- 18 Aufg.: Physik
- 12 Aufg.: Mathematik

40% KFF (Kognitive Fähigkeiten & Fertikeiten)
- 15 Aufg.: Figuren zusammensetzen
- 8 Ausweise: Gedächtnis & Merkfähigkeit (Einprägephase)
- 25 Aufg.: Gedächtnis & Merk fähikeit (Abrufphase)
- 10 Aufg.: Zahlenfolgen
- 10 Aufg.: Implikationen erkennen
- 15 Aufg.: Wortflüssigkeit

10% SEK (Sozial-emotionale Kompetenzen)
- 14 Aufg.: Soziales Entscheiden
- 14 Aufg.: Emotionen erkennen
- 12 Aufg.: Emotionen regulieren

10% TV (Textverständnis und Leseverständnis mit 12 Aufgaben)

Beim MedAT-Z kennt nach dobäi:

20%MF (Manuelle Fähigkeiten)
- 2 Aufg.: Draht biegen
- 5 Aufg.: Formen spiegeln

## Veterinärmedizinische Universität Wien

Veterinärplatz 1
1210 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 250770

Internetsäit:
www.vetmeduni.ac.at

D'Haaptrecherchë vun dëser Uni sinn am Beräich vun der Veterinärmedizin, dem ëffentleche Gesondheetswiesen an der Sécherheet vun de Liewensmëttel. Baséiert gëtt sech hei op d'Wuelbefanne vun den Déieren, Déierenhaltung an Déiereschutz.
Bachelor: Pferdewissenschaften, Veterinärmedizin a Biomedizin an Biotechnologie.

## Universität für Bodenkultur

Gregor-Mendel-Straße 33
1180 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 476540

Internetsäit:
www.boku.ac.at

Hei ginn erneierbar Ressourcen am Zesummenhang mat Naturwëssenschaften, Technik an Ekonomie erfuerscht. Fir de Bachelor op dëser Uni kann een ënnert enger Rei vu Studiegäng entscheeden: Landschaftsplanung- und Landschaftsarchitektur, Forstwirtschaft, Agrarwissenschaften a villes méi.

## Universität für Musik und darstellende Kunst

Anton-von-Webern-Platz 1
1030 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 71155

Internetsäit:
www.mdw.ac.at

Dës Universitéit ass déi gréisste Konschtuni an Éisträich an déi gréisst Museksuni op der Welt. Hei studéieren 3000 Student:innen Komposition und Musiktheorie, Dirigieren, Tonmeister, Instrumentalstudium, Kirchenmusik, Pädagogische Studien, Gesang und Musiktheaterregie, Darstellende Kunst, oder Film und Fernsehen.

## Universität für angewandte Kunst

Oskar Kokoschka-Platz 2
1010 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 711330

Internetsäit:
www.dieang-ewandte.at

“Die Angewandte” ass d’Nummer 1 fir kënschtleresch a wëssenschaftlech Recherchen a steet reegelméisseg an Zesummenaarbecht mat de weltwäit wichtegste Konschtinstitutiounen.
Hei huet een de Choix tëschen: Architektur, Art & Science, Bildende Kunst, Sprachkunst an nach villes méi.

## Akademie der bildenden Künste

Schillerplatz 3
1010 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 588161818

Internetsäit:
www.akbild.ac.at

Op dëser Konschtuniversitéit gëtt engem d’Léieren an d’Recherchéieren duerch verschidden ästhetesch Phenomener a Wierker bäibruecht.
D’Praxis an d’Denkformen erhält een a verschiddene Bachelorstudiëgäng: Bildende Kunst, Bühnengestaltung, Architektur, Künstlerisches Lehramt.

Nieft dëser Auswahl vun Universitéiten zu Wien, ginn et nach vill weider Universitéiten an Fachhéichschoulen an der éisträichescher Haaptstad. Eng Lëscht mat all dësen Institutiounen kann een ënnert folgendem Link fannen:
www.studieren.at/wien-studien-unis-fhs

# RESULTANCE IS UNIQUE, AND YOU ?

Resultance
PRAGMATIC CONSULTING







- Customer oriented
- Honesty & Humility
- Autonomy & Perseverance
- Team spirit
- Personal involvement
- Sustainability
- Well-being & fun

**Join our team**

Resultance
resultance_eu
resultance

**Luxembourg, Belgium & France**

www.resultance.eu

Lëtzebuerger Studenten Wien

# IN BUSINESS SINCE 1975

D'Aufgab vum LSW besteet doranner, d'Lëtzebuerger Student:innen ze beroden, ze ënnerstëtzen an se zesummen ze bréngen.


Eist Zil ass et d'Lëtzebuerger Student:innen vu Wien am In- an Ausland ze vertrieden. Dat heescht awer natierlech net, dass mir eis nëmmen op Lëtzebuerger Bekanntschafte beschränken.

Et ass eis wichteg, de Lëtzebuerger Student:innen zu Wien bei Problemer a Froen ze hëllefen an hinne souwuel wärend hirem Studium, wéi och virdrun an duerno zur Säit ze stoen.

Et kommen ëmmer méi Lëtzebuerger Student:innen op Wien, wouduerch mer natierlech och ëmmer méi Membere kréien an eis Offer un Evenementer probéieren ze erhéijen an ze verbesseren.

2023/2024:
iwwer 300 aktiv LSW Memberen

## Lëtzebuerger Studenten zu Wien



# Events





Nieft eiser Aufgab, de Student:innen am Laf vun hire Studien zur Säit ze stoen, sti beim LSW eng ganz rei Evenementer am Laf vum Joer um Programm.

Lass geet et Ufank Oktober mat eiser Welcome Party fir de Semesterufank ze feieren. Déi nei Student:innen kënnen an enger gemittlecher Atmosphär aner Student:innen kenneléieren. Ab do hunn d'Leit och d'Méiglechkeet eng Members-kaart ze kafen, mat der verschidden Eventer vum LSW scho bezuelt sinn (Welcome Party, Daf, Pubquiz, asw.). An engems kënnt de Student:in an den LSW-Email-Verdeeler, deen iwwert aktuell Eventer informéiert a wichteg Noriichte verdeelt.

Als Zweet fënnt am November eis Daf statt, bei der et sech em e Rallye duerch Wien handelt, wou déi nei Student:innen a Gruppen opgedeelt ginn. Zum Schluss gëtt d'Daf mat enger klenger Feier ofgeronnt. Dëst ass eng weider Geleeënheet d'Stad an aner Student:innen besser kennenzeléieren.

Pro Semester fënnt och ëmmer eise Beer-pongtournoi an eisen traditionelle Pubquiz statt, wou eis Student/innen a verschid-denen Ekippe géinteneen optrieden un an hiert Wëssen an alle méigleche Beräicher testen.

Am Mäerz steet dann eis Assemblée Générale um Programm, wou den neie Comité vun de Membere gewielt an de Bilan vum Joer gezu gëtt. Zum Schluss steet eng oppen Diskussioun fir Virschléi a Kritik un.

Am Summer feiere mir eist grousst Sau-Fest op der Donauinsel, wou den LSW fir Gedrénks an eng knuspreg Sau suergt. Dëst Event ass all Joer en Highlight mat iwwer 500 Leit. Mëttlerweil ass d'Saufest sou beléift, dass den LSW en Intercercle doraus gemaach huet. Dat bedeit, dass d'Lëtzebuerger Studenten aus alle Stied bei eis op Wien kommen an all zesummen e flotte Weekend verbréngen. Och um Programm vun eisem Intercercle stinn eng Besichtegung vun der Stad an en Owesiessen an engem traditionelle Wiener Lokal un.

Fir Nationalfeierdag hu mir och ëm-mer een Event, wat bei eise Memberen ëmmer e weideren Highlight am Summer ass.







Ausserdeem ginn och sportlech Aktivitéiten organiséiert wéi zum Beispill eisen Intercercle, de BaseCup, de mer zesumme mat Innsbruck a München all Joer organiséieren an all Joer an enger vun dësen 3 Stied stattfënnt. An Gruppe gëtt an 3 verschidde Sportaarte géintenee gespillt: Petanque, Spikeball a Vëlkerball oder och eise Beachvolleyball-Tournoi, den all Joer zu Wien stattfënnt. E weidert grousst Sportsevent ass den Tournoi de Noël, organiséiert vun der ACEL an LASEL zu Lëtzebuerg, wou den LSW all Joers eng Equipe am Basket, Fussball a Volleyball umellt.

Och zu Lëtzebuerg si mir vertrueden duerch den Hüttenzauber, dee mir mam Cercle vun den Innsbrucker organiséieren.

Ausserdeem si mir um ACEL Studentebal vertrueden, souwéi op der Foire de l'Etudiant, wou mer jiddweree gären iwwert d'Studieméiglechkeeten zu Wien an alles, wat zum Studenteliewen dozou gehéiert, informéieren.

Dëst ass just eng Auswiel vun eisen Eventer, dat ass awer net onbedéngt all Joer respektiv Semester selwecht. Sou kënne mer awer behaapten, dass fir all Student:in eppes dobäi ass. Falls de nach weider Froen hues, wat eis Memberskaart ugeet, ee vun eisen Evenementer oder och aneren Themen, dann zéck net, dech bei eis ze mellen.






## Saufest 2023





# COMITE 23/24





Lynn Schintgen
Presidentin
Raumplanung, TU Wien



Joy Spinelli
Vizepresidentin
BWL, Uni Wien



Lynn Wiroth
Sekretärin
Biologie, Uni Wien



Batty Reding
Trésorier
Wirtschafts- und Sozial-wissenschften, WU Wien



Pit Jaans
Sponsoring
Politikwissenschaften, Uni Wien



Sam Reding
Merchandise
Business and economics, WU Wien



Jacquie Staudt
Eventmanager
Veterinärmedizin, VetMed



Elisa Jones
Eventmanager
IBWL, Uni Wien



Camille Peiffer
Eventmanager
Veterinärmedizin, VetMed



Joe Benner
Sportminister
BWL, Uni Wien



Lena Kemp
Social Media
Deutsche Philologie, Uni Wien



Oliver Klaproth
Coopté
Chemie, Uni Wien



## An net ze vergiessen: Eist Maskottchen d'SAUFI!




Elisaubeth I von Nassau
Maskottchen
Metzgerwissenschaften,
Uni Wien

# Wat dierf een zu Wien net verpassen?



Am Summer e klengen Drink um Donaukanal fir den Owend auskléngen ze loossen.





Am Museumquartier gemittlech eng Bowl iessen.





Weinwanderung op den Nussberg maachen a bei dem Buschenschank Feuerwehr Wagner eng Vue iwwer Wien genéissen.





Ee Fussballmatch an den Ernst Happel Stadion kucke goen.



# TASTE THE DIFFERENCE.



# Wiener Schnitzel



Den traditionellen Wiener Schnitzel gëtt aus Kalleffleesch gemaach a gehéiert zu den bekanntsten Spezialitéiten aus der Wiener Kichen.
Fir dech also perfekt op Wien anzestëmmen, hunn mer hei een Wiener Schnitzel Rezept fir zwou Persounen.

Fir 2 Persounen

## Zutaten

**Schnitzel**

- 1 Kallefsschnitzel
- Ram
- Eeër
- Miel
- Panéiermiel
- Botter
- Salz a Peffer

**Gromperenzalot**

- 4 – 5 Gromperen
- Rënds Bouillon
- Esseg
- Ueleg
- 1 Zwiwwel
- 1 EL Moschter
- Salz a Peffer

## Zoubereedung

### Schnitzel

1. Kallefsschnitzel platt drécken an op deenen zwou Säite pefferen a salzen.
2. Ram an Eeër an enger Schossel mat enger Forschette verréieren. Miel a Panéiermiel jeeweils an een Zoppenteller ginn.
3. De Schnitzel kuerz a Miel zappen, dono an d'Schossel mat der Ram an den Eeër an uschléissend an d'Panéiermiel. Panad e bëssen undrécken.
4. Botter an der Pan schmëlze loossen. De Schnitzel da vun all Säit gutt véier Minutte Gold-giel ausbacke loossen. De Schnitzel roueg mam Fett ëmmer rëm begéissen.

### Gromperenzalot

1. Gromperen 20 Minutte kache loossen.
2. Gromperen nach waarm schielen an se an dënn Scheiwe schneiden. Alles an eng grouss Schossel ginn.
3. Bouillon liicht erhëtzen an iwwert Grompere schëdden. Uschléissend mat Peffer, Salz, Esseg, Zwiwwelen an Uelech verfeineren.
4. No Loscht a Laun och nach Moschter bei d'Zooss derbäi ginn.

Mahlzeit!

# Wienerisch

| | |
|---|---|
| Servus, Grüß Gott | - Moien |
| Baba | - Äddi |
| heuer | - dëst Joer |
| Jänner | - Januar |
| Feber | - Februar |
| Trafik | - Tubaksbuttek |
| Tschick | - Zigarett |
| Friedhofsspargel | - Zigar |
| Gespritzter | - Wäin mat Sprud-delwaasser |
| Krügel | - 0,5l Béier |
| Doppler | - 2l Wäinfläsch |
| Sechzehna | - eng Dous Otta-kringer Béier |
| Kracherl | - Limonad mat Spruddel |
| Tschecherant | - Alkoholiker |
| fett | - besoff |
| zua sein | - sou voll sinn, datt een net méi schwätze kann |
| restfett | - am Solper |
| Gössermuskel | - Béierbauch |
| Hansl | - waarme Rescht vum Béier |
| Sackerl | - Akaafstut |
| Kassa | - Keess |
| Schanigarten | - Terrasse |
| Babyschaas | - séissen Moschter |
| Faschiertes | - Gehacktes |
| Hendl | - Poulet |
| Kipfer | - Croissant aus Brioche |
| Semmel | - Bréitchen |
| Erdäpfel | - Gromperen |
| Kukuruz | - Mais |
| Marille | - Aprikos |
| Maroni | - Käschten |
| Melanzani | - Aubergine |
| Paradeiser | - Tomat |
| Schwammerl | - Champignon |
| Palatschinken | - Paangech |
| Obers | - Ram |
| Häferl | - Taass |
| Topfen | - wäissen Kéis |
| Zuckerl | - Kamell |
| Bim/Tram | - Stroossenbunn |
| Spital | - Spidol |
| Nachzipf | - Noexamen |
| Münzkaribik | - Solarium |
| Bussi/Busserl | - Kuss |
| gspusi | - Techtelmechtel |
| Gspaßlabern, Tutteln | - Bréscht |
| Nudelfriedhof | - Prostituéiert |
| leiwand | - gutt |
| deppert | - blöd, domm |
| fesch | - schéin, attraktiv |
| schiech | - ellen |
| ur (z.B Urgeil) | - mega |
| kommod | - bequem |
| gschlant | - gutt ugedoen |
| miselsüchtig | - depressiv |
| abpaschen | - fortlafen |
| grausen | - sech virun eppes eekelen |
| wuzeln | - Kicker spillen |
| sudern | - jéimeren |
| blunzen | - egal |
| wacheln | - wénken |
| Pallawatsch | - Duercherneen |
| Schmäh | - Witz |

# Impressum


## Editeur
Lëtzebuerger Studenten Wien
Site: www.lsw.lu
Kontakt: lsw@lsw.lu


## Redakteren
Braun Lisa
Daleiden Ciara
Dammé Michelle
Heintz Cédric
Johann Gilles
Pepin Lou
Schintgen Lynn
Suljic Smail
Staudt Jacquie
Vandermuntert Maxime

## Layout an Design
Dammé Michelle
Heintz Cédric

## Sponsoring
Pit Jaans

## Korrektur
Spinelli Joy
Wiroth Lynn

## Editioun N°9
Original 2015-2016

## Fotoen
Clees Philippe
Dammé Michelle
Heintz Cédric
Johann Gilles
Mujkić Melissa
Pepin Lou
Schloesser Caroline
Staudt Jacquie





## Sponsoren

SPUERKEESS

SCHROEDER & ASSOCIÉS
ENGINEERING THE FUTURE TOGETHER

InCA
INNOVATIVE ENGINEERING

Resultance
PRAGMATIC CONSULTING

Maroldt.lu
Carrelages - Matériaux de construction - Sanitaires

## Éierenmember

Cédric Heintz

Mir soen eise Sponsoren an Éierenmember all häerzlech Merci, dass si eis dëst Joer sou gutt ënnerstëtzt hunn eis soumat villes Méiglech gemaach hunn!

# ACEL- De Studentevertrieder

Mir sinn fir dech do!
Virun, wärend an no dengem Studium!


ACEL
de Studentevertrieder

## INFORMATIOUN



Mam GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT hues du all d'Infoe fir de Start vun dengem Studium. Wärend dengem Studium steet dir dann DE STUDENTEGUIDE zur Säit. De GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ hëlleft dir fir däin Wee an d'Aarbechtswelt ze erliichteren. Dës dräi Broschüren fënns du ënner: www.acel.lu/publikatiounen.

Beim STUDENT FIR 1 DAG weise mir dir deng zukünfteg Studentestad.



## REGRUPPEMENT

Mir organiséieren DE STUDENTEBAL, dee gréissten Open-Air Bal fir Student:innen, ewéi och den TOURNOI DE NOËL. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cerclen an hier Memberen zu Lëtzebuerg zesummen.

## REPRESENTATIOUN

Mir sinn am reegelméissegen Kontakt mat de Ministèren an vertrieden deng Rechter an Interessen. Mir probéiere fir all potentielle Studenteproblem eng Léisung ze fannen an dech beschtméiglech ze beroden.




contact@acel.lu   www.acel.lu   @acelluxembourg

ACEL - de Studentevertrieder   ACEL - de Studentevertrieder